



Web: <http://www.letzebuergesch.lu>
E-Mail: actioun@letzebuergesch.lu
Tel.: (+352) 47 06 12

2, Sosthène Weis Strooss
L-2722 Lëtzebuerg

Pressecommuniqué

Lëtzebuerg, de 24. August 2017

Pressecommuniqué op d'Äntwert vum Gesondheitsministère un d'Chamber vum 19. Juni 2017 (Ref.: Bldxdbb46)

Mir als «Actioun Lëtzebuergesch» setzen äis zënter eiser Grënnung am Joer 1971, also zënter méi wéi 45 Joer, dofir an, eiser Sprooch op eng verstänneg Fassong ze hëllefen an hir iwverall do déi Rechter ze verschafen, déi si zegutt huet.

Mir hu grouse Respekt virum auslännesche Fachpersonal am medezinesche Secteur a sinn äis de Limiten, wat de Gebrauch vum Lëtzebuergesch ugeet, och bewosst.

Mir sinn awer der Meenung, dass et méiglech misst sinn, d'Präsenz vum Lëtzebuergesch am Gesondheitsberäich op de Schëlter, Formulairen a Websäiten ze verstärken. Mir sinn net der Meenung, dass dëst op Käschte vun enger anerer Sprooch geschéie muss!

An deem Kontext weise mir drop hin, dass et d'Actioun Lëtzebuergesch war, déi an de 70er an 80er Joren d'Initiativ geholl huet, fir iwverhaupt emol an eise Spideeler Lëtzebuergesch Course fir d'Personal ze organiséieren.

Eis Associatioun erkläert sech och weiderhi bereet, eng Hand mat unzepaken, an bei eventuellen Iwwersetzungen ze hëllefen.

De Comité vun der «Actioun Lëtzebuergesch»

P.S.: Den 22. Mee 2017 hate mir iwwegens e Bréif un de Gesondheitsministère an un d'Direktioun vun der CHL geschéckt. Et goug ëm d'Websäit <http://www.pollen.lu>, déi an hirem «Lexique» déi franséisch Fachbegrëffer nëmmen op Latäin iwversetzt. Mir hu fir all Begrëff e lëtzebuergesch (an däitschen) Term proposéiert. Mir hunn net verlaangt, dass d'ganz Websäit direkt misst iwversat ginn, mee mir sinn dovunner iwverzeegt, dass - mat guddem Wëllen - de «Lexique» ouni groussen Opwand misst kënnen erweidert ginn. Mir waarden nach op eng Äntwert.

Franséisch	Latäin	Däitsch	Lëtzebuergesch
Ambroisie	Ambrosia	Traubenkräuter	Ambroisie
Armoise	Artemisia	Beifuß	Alzem
Aulne	Alnus	Erle	Alënter
Bouleau	Betula	Birke	Bierk
Bruyère	Ericaceae	Erika / Heide	Heed
Charme	Carpinus	Weißbuche	Wäisbich
Châtaignier	Castanea	Kastanienbaum	Käschtebam
Chêne	Quercus	Eiche	Eech
Chénopode	Chenopodium	Gänsefüße	Mëll / Miel
Cupressacées	Cupressaceae	Zypressengewächse	Zypressengewächs
Érable	Acer	Ahorn	Aaschtert / Aacheren
Frêne	Fraxinus	Esche	Esch
Graminées	Gramineae	Gräser	Grieser
Hêtre	Fagus	Buche	Bich
Jonciacées	Juncaceae	Binsengewächse	Jénkegewächs
Marronnier	Aesculus	Roskastanie	wëlle Käschtebam
Mélèze	Larix	Lärche	Mëläs / Wäiraachsdänn
Noisetier	Corylus	Haselnussstrauch	Hieselter
Noyer	Juglans	Walnussbaum	Nëssert
Ombellifères	Umbellifereae	Doldengewächse	Doldegewächs
Orme	Ulmus	Ulme	Routholz
Ortie	Urtica	Brennnessel	Brennnessel
Oseille	Rumex	Ampfel	Ampel / Botterblat
Peuplier	Populus	Pappel	Pëppel
Pinacées	Pinaceae	Kieferngewächse	Kifergewächs / wëll Dänn
Plantain	Plantago	Wegerich	Weeblat / Vullesom
Platane	Platanus	Platane	Platan
Saule	Salix	Weide	Weid
Souchets	Cyperaceae	Zyperngräser	Zyperngrieser
Spirée	Filipendula	Spierstrauch	Schéifernoss
Sureau	Sambucus	Holunder	Hielenter / Hielenner
Tilleul	Tilia	Linde	Lann